ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

D'Covid19-Impfcampagne zu Lëtzebuerg ass am Januar ugelaf. Et ass awer net jiddereen am Land bereet, sech impfen ze loossen. Dat ass jo scho méi dacks ugeschwat ginn a bis haut gouf ëmmer gesot a festgehalen, datt d'Impfen op Fräiwëllegkeet berout an net duerf erzwonge ginn.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wéi weist sech déi rechtlech Situatioun, wann eng ONG oder e Privatpatron seng Ugestallte wëll obligéieren, sech impfen ze loossen?
2. Wat fir e rechtleche Spillraum huet de Patron an enger Entreprise, fir seng Ugestallten op aner Aarbechten anzedeelen ewéi déi, fir déi hien urspréglech agestallt gouf an op deenen hie bis duerhi geschafft huet, wann den Ugestallte sech net wéilt impfe loossen?
3. Gi bei béide Froen Differenzen tëscht deenen ënnerschiddlechen Aarbechtssektore gemaach? Wa jo, wat fir eng a wat ass jeeweils d'Begrënnung?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten